

# Invitatioun

# Roadbook GoElectric

### À la découverte des parcs naturels du Grand-Duché
### Discovering the Nature Parks of the Grand-Duchy

De Ministère fir Energie a Landesplanung, den Natur- & Geopark Mëllerdall, den Naturpark Öewersauer an den Naturpark Our invitéieren Iech um **Weekend vum 23. & 24. Juli 2022** ganz häerzlech op d'**Presentatioun vum regionalen Roadbook GoElectric.**

Am Kader vun der Virstellung vun dësem gemeinsame Projet vun den dräi Naturparken, deen op d'Promotioun vun der Elektromobilitéit am regionalen Tourismus ziilt, sidd Dir häerzlech invitéiert, **zesumme mam Minister fir Landesplanung, Claude Turmes**, un engem E-Bike Tour duerch déi dräi Naturparken Deel ze huelen.

Op deenen dräi Naturpark-Etappen erwaarden Iech interessant Statiounen bei ënnerschiddleche lokalen a regionalen Acteuren, wou een direkten Austausch iwwer d'Potenzialer an d'Defien vun der zukünfteger Entwécklung vun der E-Mobilitéit an der Regioun am Mëttelpunkt stinn.

## Programm:

### Samschdeg, den 23.07.2022:

☐ **Pressekonferenz GoElectric**
**10h00: Presentatioun vum Roadbook GoElectric**
Rendezvous beim Musée Henri Tudor (9 Rue Henri Tudor L-6582 Rosport)

☐ **E-Bike Tour 1: Rouspert – Reisduerf**
**10h30: E-Bike Tour mat Mëttegiessen am Natur- & Geopark Mëllerdall**
Start beim Musée Henri Tudor

☐ **E-Bike Tour 2: Reisduerf – Veianen – Housen – Äischer**
**14h00: E-Bike Tour mat Owesiessen am Naturpark Our**
Start um Parking Gare zu Reisduerf (6 Route de la Sûre L-9390 Reisdorf)

### Sonndeg, den 24.07.2022:

☐ **E-Bike Tour 3: Ierpeldeng – Pommerlach – Bauschelt – Giewelsmillen**
**09h00: E-Bike Tour mat Mëttegiessen am Naturpark Öewersauer**
Start op der Kiercheplaz (Um Knupp L-9648 Erpeldange)

Mir freeën eis Iech op der Presentatioun vun eisem gemeinsamen Roadbook GoElectric begréissen ze dierfen.

Mat frëndleche Gréiss aus den dräi Naturparken

**Charles Pauly**
*President vum*
*Naturpark Öewersauer*

**Emile Eicher**
*President vum*
*Naturpark Our*

**Camille Hoffmann**
*President vum*
*Natur- & Geopark Mëllerdall*

naturpark.lu
Öewersauer • Our • Mëllerdall

NATURPARK ÖEWERSAUER

NaturparkOUR

Naturpark Mëllerdall Geopark

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire
Département de l'aménagement du territoire



# Umeldung:

## Wichteg Informatiounen:

- Dir kënnt op Umeldung de ganze Parcours duerch déi dräi Naturparken matfueren, inklusiv enger Iwwernuechtung an der Rackésmillen zu Äischer, oder Iech fir déi eenzel Touren aschreiwen
- Dir kënnt op Demande een E-Bike mat Helm fir Ären Tour gestallt kréien, oder op Wonsch mat Ärem eegenen E-Bike matfueren
- D'Touren sinn mat interessanten Statiounen a Pausen ënnerdeelt, fir Verpflegung ass gesuergt
- Denkt w.e.g. un Är, de Wiederkonditiounen ugepasste Kleedung fir ënnerwee

## Umeldung bis den 15.07.2022:

- D'Umeldung bis den 15.07. 2022 ass obligatoresch!
- Dir kënnt Iech umellen per E-Mail **(klimapakt@naturpark.lu)**, andeems Dir eis folgend wichteg Informatiounen matdeelt:

1) Äre Numm a Är GSM Nummer
2) Är gewënschten Participatioun um 23.07.2022:
   - ☐ Pressekonferenz
   - ☐ Tour 1
   - ☐ Méttegiessen
   - ☐ Tour 2
   - ☐ Owesiessen
   - ☐ Iwwernuechtung

   Är gewënschten Participatioun um 24.07.2022:
   - ☐ Tour 3
   - ☐ Méttegiessen
3) Är E-Bike Reservatioun:
   - ☐ Demande fir een E-Bike mat Helm zur Verfügung gestallt ze kréien

Bei weideren Froen, sti mir Iech iwwer den Tel.: 908188-642 natierlech gären zur Verfügung.